N°2823
Entrée le 02.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.09.2025

adr

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Per „Règlement ministériel" vum 13. August 2025 huet d'Madamm Mobilitéitsminister *„en raison de la sécurité routière au vu de l'intersection avec le CR373"* en Iwwerhuelverbuet tëscht der Eemeschbaach an dem Antoniushaff decidéiert. Eis ass zu Ouere komm, datt vill Leit dës Decisioun net novollzéie kënnen.

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi eng konkret Sécherheetsproblemer goufen op dem betraffenen Abschnitt vun der N12 festgestallt, déi zu dësem Iwwerhuelverbuet gefouert hunn?
2) Wéi laang ass de betraffenen Abschnitt genau, an no wéi enge Parametere gouf de Grad vu senger verkéierstechnescher Geféierlechkeet bewäert?
3) Gouf et op där Plaz an der Vergaangenheet Accidenter? Wa jo, wéi vill a wéi eng Zort?
4) Wéi eng Verkéiersdaten (z. B. Geschwindegkeeten, Verkéiersdensitéit) louchen der Entscheedung zugronn?
5) Firwat betrëfft d'Iwwerhuelverbuet just d'"véhicules automoteurs"? Firwat däerfen z. B. Motorrieder weiderhin iwwerhuelen?
6) Gouf d'Iwwerhuelverbuet mat Verkéiersexperten oder der Police bzw. mat den Instanzen a Bierger vun de betraffene Gemengen ofgestëmmt?
7) Gouf am Virfeld vun där Decisioun eng Etüd an Optrag ginn? Wa jo, kënnt Dir eis déi Etüd zoukomme loossen?
8) Wéi eng Auswierkungen erwaart d'Madamm Minister sech op de Verkéiersfloss op der N12? Kéint d'Iwwerhuelverbuet zu méi Réckstau oder zu riskante Fuermanövere féieren?
9) Ass geplangt, d'Wierksamkeet vum Iwwerhuelverbuet reegelméisseg ze evaluéieren?
10) Wéi eng Krittäre mussen erfëllt sinn, fir datt d'Iwwerhuelverbuet rëm opgehuewe gëtt?

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten